N°4162
Entrée le 16.06.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement et de
l'Aménagement du territoire

Le Ministre

**Äntwert vum Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung, Här Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro n°4162 vum 1. Juni 2026 vun den éierbaren Deputéierten Alexandra Schoos a Fred Keup betreffend d'"Critères d'attribution et ordre de priorité des logements abordables via le RENLA".**

1. **Wat sinn déi sozio-ekonomesch Krittären, déi mat iwwert d'Reiefolleg op der Waardelëscht vum RENLA decidéieren? Wéi eng Krittäre gi bäi där genannter sozialer Enquête erhuewen a wéi gëtt op Basis vun all deenen Donnéeën déi genee Placéierung berechent? Gëtt et dozou eng Matrix an e Punktesystem? Kann den Här Minister deen transparent erklären?**

Déi sozio-ekonomesch Krittären, déi fir d'Opstelle vun der Prioritéitsuerdnung berücksichtegt ginn, sinn an den Artikele 57 an 58 vum modifizéierte Gesetz vum 7. August 2023 iwwer de bezuelbare Wunnraum (loi modifiée du 7 août 2023 relative au logement abordable) („d'Gesetz") festgeluecht. D'Prioritéit gëtt op Basis vun administrativen Dokumenter an enger Evaluatioun ermëttelt, déi vum Bailleur social op Grond vun de follgenden Elementer aus dem Gesetz analyséiert gëtt:

" 1° la nature et la précarité du titre d'occupation du logement actuel ;
2° l'existence et la durée du préavis d'une résiliation de ce titre d'occupation ;
3° l'existence et la motivation du juge d'une condamnation de déguerpissement du logement actuel ;
4° l'état d'occupation du logement actuel par rapport au nombre de chambres à coucher et à la surface utile d'habitation disponible par membre de la communauté domestique ;
5° le degré d'insalubrité du logement actuel au sens de la loi du 20 décembre 2019 relative aux critères de salubrité, d'hygiène, de sécurité et d'habitabilité des logements et chambres donnés en location ou mis à disposition à des fins d'habitation ;
6° la non-adaptation du logement actuel par rapport aux besoins spécifiques de personnes handicapées de la communauté domestique ;
7° le taux d'effort économique de la communauté domestique du candidat-locataire exprimé par la relation entre le revenu actuel et le loyer ou l'indemnité payés, pour le titre d'occupation du logement actuel ;
8° le niveau de revenu de la communauté domestique du candidat-locataire ;
9° la correspondance de la taille de la communauté domestique du candidat-locataire à la typologie du logement qui s'entend comme la correspondance du nombre des membres de la communauté domestique, compte tenu de l'âge des enfants, au nombre de chambres et aux installations techniques et sanitaires du logement ;
10° la proximité du lieu de travail des membres de la communauté domestique du candidat locataire et du lieu de situation du logement actuel. "

Déi sozial Drénglechkeet gëtt op Basis vu Pièce festgeluecht, déi vum Kandidat virgeluecht ginn. Am Kader vu Wunnengen, déi fir d'Allgemengheet (logements tous publics) bestëmmt sinn, gëtt d'Berechtegung vun dëser Drénglechkeet op der Visitt doheem am Kader vun der sozialer Enquête iwwerpréift. Dës Donnéeë ginn an de RENLA agedroen.

2. **Kënnen d'Kandidaten op der Waardelëscht Asiicht froen, wéi eng vun deene Krittären dozou gefouert hunn, datt si keng Wunneng zougedeelt kruten? Falls net, firwat net?**

Op Basis vun den allgemenge Prinzippien am Verwaltungsrecht, hunn d'Kandidaten an d'Locatairen d'Recht, Accès ob hiren Dossier ze froen.

3. **Kënne besonnesch d'Gemengen an deem Kader Léit prioriséieren, déi scho ganz laang an hirer Gemeng wunnen oder schaffen? Falls net, firwat net?**

Am Kader vum Artikel 58 vum Gesetz, kuckt de Bailleur social, also och eng Gemeng, d'Prioritéit déi sech aus den „geographeschen" Critèren (d.h. wou d'Leit wunnen a schaffen) ergëtt.

Lëtzebuerg, den 16. Juni 2026

De Minister fir Wunnengsbau
a Landesplanung

(s.) Claude Meisch